Léif Escher Schüler a Schülerinnen,

Mer sinn ons bewosst, datt déi Deeg doheem och mol kënne langweileg ginn.

Aus dësem Grond hunn mir eis eng flott Iddi fir iech iwwerluecht.

Maacht bei eisem Molprojet mat!

Reegelen:

1) Moolt op een DinA4 Blat oder méi grouss.

2) All Faarwe sinn erlaabt. Loosst ärer Kreativitéit fräie Laf.

3) Récksäit vum Bild soll beschréft si mat:

- Numm a Virnumm vum Kand
- Cycle
- Schoul
- Numm vum Enseignant

Thema:

Deng Helden an der Zäit vum Coronavirus!

Dat kennen Dokteren, Bréifdréier, Mamma a Pappa, Informatiker, Joffer, Infirmière, Pompjeeën asw. sinn.

Mer géinge gäre wësse, wien däi perséinlechen Held an dëser aussergewéinlecher Zäit ass.

Wou ginn ech mäi Bild of?

1) Am léifsten d'Bild scannen oder propper mam Handy ofknipsen an op folgend Mail schécken:

EnseignementServicescolaire@villeesch.lu

2) Ass dest net machbar, da per Post op: *Service de l'enseignement*

6, Place Boltgen

L-4044 Esch-sur-Alzette

Du kanns däi Bild bis den 01.Mee 2020 bei eis ofginn.

Firwat matmaachen?

Mer géinge gären am Numm vun eiser Gemeng all den Helden Merci soen! An well et der esouvill sinn, brauche mer DECH als Ënnerstëtzung!

Du kanns och gären däi Bild bei där doheem an d'Fënster hänken, nodeems du eis eng elektronesch Versioun per Mail geschéckt hues.

Mer freeën eis scho richteg op däi Bild a versichen se alleguer auszestellen, soubal et eis nees méiglech ass. Zousätzlech probéiere mer iwwert den Internet op däi Bild opmierksam ze maachen.